



# Steekéip an Dréchemaueren: Hei ass Liewen dran!



**Déi kulturhistoresch Bedeitung vun Dréchemaueren**

De Bau vun Dréchemaueren ass en uraalt Handwierk. Dréchemauere sinn a ville Géigende wäertvoll Elementer aus der Kulturlandschaft, och bei eis. Hei komme se vill an de Wéngerten als Stëtzmauere vir, awer och an den Dierfer oder op landwirtschaftleche Flächen. D’Reparatioun vun zerfale Maueren an de Bau vun neien Dréchemaueren ass dofir e wichtege Bäitrag fir d’Erhale vun der traditioneller Kulturlandschaft. Zousätzlech dréit dat zum Naturschutz bäi.

**Déi ekologesch Bedeitung vun Dréchemaueren**

Liewensraum fir Déieren: Dréchemaueren a Steekéip hunn eng héich Unzéiungskraaft fir Déieren. Insekte wéi wëll Beien oder Seechomessen hale sech gären hei op. Reptilien, dorënner Eibesen a Blanneschlëcher, oder Amphibie wéi Mouke verstoppe sech, sonne sech oder iwwerwanteren an de Splécken an an de Foue vu Maueren a Steekéip. Vigel wéi den Zonkebutz bauen hir Näschter a Mauere mat grousse Splécken.

Liewensraum fir Planzen: Dréchemaueren a Steekéip si Liewensraim fir speziell ugepassten an zum Deel seele Planzen. Dorënner Aarte wéi d‘Dragouner (*Potentilla neumannia*), de Sträifefar (Asplenium) oder d‘Mauerkräitchen (*Sedum acre*).







Wichteg: Mauere si just dann aus Siicht vum Naturschutz wäertvoll, wann d’Splécken an d’Fouen net gefëllt sinn an ënne laanscht de Bord Plaz fir Vegetatioun ass.

**Wat d'Gemeng Mäertert-Waasserbëlleg fir den Ënnerhalt vun dëse Liewensraim am ëffentleche Raum mécht:**

- Keng Pestiziden
- extensiven Ënnerhalt laanscht Dréchemaueren a Steekéip
- fachgerecht Flécken an Ënnerhalen

**Wéi eng einfach Mesure kann ech am Gaart ëmsetzen?**

Och am Gaart kann een dës speziell Liewensraim fuerderen. Strukturen aus Steen kënnen an ënnerschiddlecher Form a Gréisst agebaut ginn. Dréchemauere sinn eng Konscht fir sech, mee Steekéip kënne ganz einfach opgestallt ginn, zum Beispill aus Iwwerreschter vu Steng. Wann de Koup bis steet, brauch en och keng Fleeg. D’Déieren an d’Planze komme vu ganz eleng!




Commune de MERTERT · NaturPakt – Meng Gemeng engagéiert sech · KlimaPakt – Meng Gemeng engagéiert sech · natur&ëmwelt a.s.b.l. Kanton Gréiwemaacher

Text a Layout: Joy Mentgen